N°5328
Reçue le 02.12.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 02.12.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/12/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De Polciebüro zu Käerjeng gouf virun e puer Joer zougemaach an den Effektif gouf mat deem am Policebüro zu Péiteng zesummegeluecht. Wéi d'Ministere mir an der Äntwert op meng Fro n°3404 am Januar geschriwwen haten, waren zu deem Zäitpunkt nach keng Verhandlungen amgaangen, fir een neit Policekommissariat an d'Rue de Linger op der Grenz tëschent Péiteng a Käerjeng z'erriichten.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn et zënter Januar Fortschrëtter an dësem Projet? Falls jo, wou sinn d'Diskussiounen drun a wourunner blockéiert de Projet?
2. Wéi eng Grondstécker musse kaf oder gelouhnt ginn, fir de Policebüro kënnen ze realiséieren? Ginn dës Grondstécker vun de Gemengen oder vum Staat kaf?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député